Éischt ÉpStan Resultater zum Pilot Projet zur Alphabetiséierung "Zesumme Wuessen"

Am Juni 2024 ass den 1. Bericht zum Pilot Projet "Zesumme Wuessen!" vum LUCET verëffentlecht ginn. Doranner ginn de Pilotprojet esou wéi éischt Resultater virgestallt.

D'**Haaptconclusioune vum Pilot Projet** sinn:

Déi meeschte Kanner, déi um Pilotprojet (franséisch an däitsch Alphabetiséierungsgruppen) deelhuelen, weisen um Ufank vum Cycle 2 **grondleeënd Fäegkeeten am Lëtzebuergesch Héierverstoen an an der Mathé.**

D'Kanner empfannen **d'Klasseklima an hirer Schoul als ganz positiv** a **fillen sech als ee grousse Grupp** trotz getrennte Sproochenaktivitéiten.

Kanner déi op **Franséisch alphabetiséiert** ginn, schneiden generell **gutt an de franséische Sproochentester** of (Héierverstoen a Virleeferfäegkeeten vun der Schréftsprooch).

Si schneide besser am Franséisch Héierversteoen of, ewéi Kanner mat änlechem Familljenhannergrond déi op Däitsch alphabetiséiert ginn an den Test am Héierverstoen op Däitsch maachen (=Alpha-Franséisch Referenzgrupp, zesummegesat aus Kanner aus dem ganze Land mat der Propensity Score Matching Method). Kanner déi op **Franséisch liesen a schreiwe léieren** empfannen och **méi Freed beim Liesen** ewéi hire Referenzgrupp.

Eng Alphabetiséierung op Franséisch schéngt fir Kanner déi doheem eng romanesch Sprooch schwätze vu Virdeel, am Verglach zu enger Alphabetiséierung op Däitsch. Dat Franséischt läit linguistesch méi no un hirer eegener Familljesprooch ewéi Däitsch. D'Eltere vun de Kanner déi op Franséisch alphabetiséiert ginn, fillen sech méi fäeg beim Léieren a bei den Hausaufgaben ze hëllefen, well si selwer d'Alphabetiséierungssprooch verstinn.

Kontakt: Caroline Hornung & Joanne Colling